

knappung, Naturverschandelung usw. kaum gesucht und in den Parteiprogrammen angeboten werden, weil die Politiker zu sehr auf die nächsten Wahlen und eine mögliche Regierungsbeteiligung bedacht sind, als dass sie langfristige Fragen in ihre Überlegungen einbeziehen? Was sagt eure Jugendorganisation dazu?

5. Die Mechanismen der politischen Entscheidungsfindung können von den meisten Jugendlichen auch gar nicht durchschaut werden. Daher fühlen sie sich auch nicht betroffen. Was schlägt eure Organisation in dieser Hinsicht vor, um eine grössere Transparenz des Machtapparates zu erreichen?

6. Welche Prioritäten setzt eure Partei in der Jugendpolitik?

Bis zum 15. Mai hatten wir die Antworten erbeten. Bis zum 15. Juni haben wir keine einzige erhalten. Diese "Antwort" scheint uns aber mindestens so bezeichnend. Ausser während der Wahlkampagnen haben die Jugendabteilungen der Parteien keine Rolle zu spielen, eine politische schon gar nicht.

Ein gutes Beispiel dafür lieferte jüngst die LSAP: Ihre Jugendorganisation verlangte bei ihrem Nationalkongress die Verstaatlichung der ARBED und den Austritt aus der NATO. Acht Tage später, beim Wirtschaftskongress der Mutterpartei fand ein Antrag auf Nationalisierung der ARBED nur 13 Befürworter: die JSL-Delegierten waren abwesend oder hielten sich nicht an den Beschluss des eigenen Kongresses. Interesslosigkeit? Vorrang für die innerparteiliche Karriere? Wie dem auch sei, das Misstrauen der Jugend gegenüber Parteien wird vollauf bestätigt.

Dass die Mitglieder solcher Jugendsektionen also nicht allzu zahlreich sind, erklärt wohl, warum sie unsere erste Frage nicht beantworten wollten. (Laut "Perspektiv" Nr. 49/83 nahmen am JSL-Kongress ganze 50 Delegierte teil.) Bei den übrigen Fragen hätten sie wohl unsere Impression bestätigen müssen, und das durften sie nicht öffentlich ...

Umso bewundernswerter sind die wenigen Jugendlichen, die sich trotzdem als Parteimitglieder einschreiben. Warum sie es taten, erklären im folgenden ein LSAP- und ein CSV- Jugendlischer. Für Ihre Mitarbeit unsern besten Dank. m.p.


Ein Mitglied der CSJ

Firwat soll e Jugendlechen sech an engem politeschen Mouvement oder an enger Partei engagieren?

D'Politik as d'Konscht vum Zesummeliewen. Dat geet nit vum selwen. An eisen Demokratien hu mir d'Chance fir eist Zesummeliewen ze organisieren wêi et eis gefällt. Da solle mer och Gebrauch der-vu maachen! Et as eng Pflicht fir sech ze interessieren, an et soll een sech engagieren. Viele Köche verderben den Brei: Fir Bräi ze maache muss ee Feier hun, also Engagement. Ouni Feier gêt et kee Liicht, also keng Erliichtung, a keng Informatioun. Mat Feier gêt et Formatioun an alle Sënner vum Wuert: Schaffen a Feilen.

Et get natiirlech Graden vum Engagement: Et kann een derbäi sin ouni dran ze sin. Ma dann ass een dobaussen!

Jidderee muss fir t'ëischt sêng Grondrichtung erausspieren (erkenne dich selbst) an da geet hien bei dee Mouvement, deen senger Linn am nootste



La Croix, 15-16/8/1982

läit. Et brauch an et soll een nit sêng Eegestännegkeet verléieren! D'Grondprinzipien solle stëmmen, ma op anere Punkte kann a soll een ëmmer seng Eegestännegkeet hun. Dann as de Mouvement emsou mêi e breede Stroum a rässt emsou besser mat.

Firwat jhust d'CSJ?

Well d'chrëschtlech Sozial Jugend mênge Grondiwwerzeegungen am nootste kënnt. Hei steet de Mënsch am Mëttelpunkt, an nit de Fric, oder eng gottlos irdesch Ideologie. De Mënsch, ma nêt egal wêi e Mënsch! Christus as Mënsch gi fir datt mir solle liewe wêi Hien eis sot. Sécher brénge mit dat nit ëmmer fäerdeg, ma mir versichen et. Perséinlech gesin ech dat Zesummeliewe no de chrëschtliche Prinzipien (C), a géigeseitegem Versteedsdemech (S) vun alle Leiden, egal aus wêi engem Eck se kommen (V) als fundamental un. De Jonktem (J) as dat Holz, dat mir brauche fir am Feier nozeleën.

Mir denke positive, a sin nit géint alles a géint jidferen. Mir wëlle keng Kregéiler oder onmëiglech Weltrevolutionäre sin. Mir si fir alles, wat de Mënsch a sêngem Sin a Striwen erhiewt, dozou gehéiert och eng gesond Emwelt, a mir hu nit fir nâischt di gring Faarw vu Liewen an Hoffnung gewielt. Mir kënnen all dat nit guddheeschen, wat de Mënsch erdëmmelt, an dozou gehéiert och di ganz Mentalitéit, fir de Leit den Hals ofzeschneiden, fir datt si all ënnert ee Plafong gin. Dofir wëlle mir nit bornéiert, begrenzt, mä op sin ...

Firwat äntweren nit mêi Jugendlecher dem politeschen Engagement?

Bequemlechkeet a Manktem u Motivatioun!! Wann dat hei nêmmen ee giff hëllef motivieren ...

Francis DELAPORTE (24 J.)

Ein Mitglied der JSL

1. Wat bedeit Politik fier dech? Wat bréngs du domatt a Verbindung?

Ech mengen, ët muss een de Begrëff Politik an zwee deelen: a) Deelberäicher aus der sougenannter "Real"-politik, di mech direkt oder indirekt ugin: Schoulpolitik, Sozialpolitik, Friddenspolitik,... Hei heescht ët sech asetzen fir réell Mësstänn ze besäitegen an eege Virstellungen duerchzesetzen, oder zumindest an d'Diskussion ze bréngen. b) Politik iergendwêi am Sënn vum Ideologie: grondsätzlech Iddien oder Zieler: Gläichheet vun alle Mënschen, Alternativen zum Kapitalismus a Kommunismus, Demokratie, asw. Dobäi dâerf ee natierlech nêt blann an dogmatesch gin. Mä Kompromisser bei Grondfroee gêt ët och nêt.